



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. November 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

D'Abtei Neimënster ass e wichtegt Kulturinstitut. De Staat ënnerstëtzt si dowéinst op vill Manéieren. Eleng am Budget fir 2018 sinn eng 3,2 Milliounen Euro virgesinn. Et ass wichteg, datt esou en Institut och eng variéiert Offer fir e breede Public ubitt. Hiren Optrag ass e kulturellen a kee politeschen. Eng besonnesch Sensibilitét fir d'Perceptioun ze verhënneren, datt e Kulturinstitut géing eng bestëmmte politesch Positioun anhuelen, gehéiert also zu der responsabler Féierung vun esou enger ëffentlecher Institutioun.

An der Abtei Neimënster kritt de „Comité pour une paix juste au Moyen Orient“ Säll zur Verfügung gestallt an deenen hien och Evenementer ubitt. Déi Net-Regierungsorganisatioun (NRO) ass dofir bekannt, datt si d'Politik vum Staat Israel kritiséiert.

Gläichzäiteg huet d'Abtei Neimënster eng Konferenz vun deem bekannten däitsche Journalist an No-Ost Korrespondent Ulrich W. Sahm refuséiert zum Thema: "Problematik der Bestrebungen von islamischen Akteuren die kulturellen, historischen und religiösen Beziehungen zwischen Judentum und dem Land Israel zu marginalisieren und in Frage zu stellen". Dee Refus war allgemeng an net un e bestëmmten Datum gebonnen.

Dowéinst wollt ech dem Här Kulturminister dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Kulturminister beschreiwen, wéi hien d'Roll vun enger Kulturinstitutioun am Hibleck op d'Behandlung vu kontroversen, politeschen Themata gesäit?
- 2) Ass den Här Kulturminister der Meenung, datt d'Verweigerung vun engem Sall an der Abtei Neimënster fir jüddesch- oder israelkritesch Positioune vun islameschen Acteuren ze beschreiwen a kritesch ze hannerfroen, ze justifiéieren ass?
- 3) Denkt den Här Kulturminister, datt et opportun fir eng Kulturinstitutioun ass, zwar enger israelkritescher NRO e Forum ze ginn, enger anerer Meenung awer esou eng Méiglechkeet ze refuséieren?

- 4) Ass den Här Kulturminister der Meenung, datt dat Verhale vun der Abtei Neimënster kann als eesäiteg politesch Stellungnam zugonschte vun israelkritesche Mouvementer consideréiert ginn an d'Ausschlësse vun anere Meenungen dohier als en antisemiteschem Akt muss consideréiert ginn?
- 5) Ass den Här Kulturminister bereet fir op d'Abtei Neimënster anzewierke fir eng méi ausgeglachen Zesummesetzung vun hirem Programm ze erreechen?

Mat déiwem Respekt

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves upwards at the end.

Fernand Kartheiser

Deputéierten